PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Aktualitéitsstonn zu der Organisatioun vun der Sécherheet am ëffentleche Raum

Lëtzebuerg, , den 11/03/2021

Resolutioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- dass e Kontrakt tëscht enger Gemeng an enger privater Sécherheetsfirma, dee virgesäit, dass am ëffentleche Raum solle Patrulle gemaach ginn, net vum Gesetz vun 2002 iwwer de Gardiennage ofgedeckt ass;
- dass et méiglech wär d'Kompetenzen vun den Agents municipaux auszeweiten, fir net mussen op privat Sécherheetsfimern zeréck ze gräifen;
- dass eng entspriechend Gesetzesännerung esou séier ewéi méiglech misst ausgeschafft ginn ;

Aus dëse Grënn decidéiert d'Chamber vun den Deputéierten:

1. an der Chamber eng Ënnerkommissioun "Définition du rôle des agents municipaux" ze grënnen, fir de Sujet mat der néideger Dréngleichkeet behandelen ze kënnen an ënnert anerem um Projet 7126, Projet de loi relative aux sanctions administratives communales modifiant 1° le Code pénal ; 2° le Code de procédure pénale; 3° la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, ze schaffen.